Haut Freides den 20. März 2015 huet zu Lamadelaine op den Fëschweiheren déi 18. uerdentlech Generalversammlung vum Flyfishing Club aus Lëtzebuerg stattfond. Et haten sech ganz vill Memberen anfond an mir wëllen op dësem Weë all den Unwiesenden een décken Merci soën ewell Sie mat hirem Ansatz gewisen hun dass eisen Fëscherclub Hinnen éng Häerzensugeleenheet ass an dodernieft gët dat dem Präsident an séngem Komité och d´Gefill dass hir Aarbecht, déi Sie am Laaf vum Joër fir den Veräin geleescht hun, och gewirdegt gët.

Nodeems eisen Präsident, den Jean – Jaques May, déi Unwiesend begréisst hat, huet Hien déi vergaangend Saison nach éng Kéier Revue passéieren gelooss andeems Hien kuurz op d´Héichpunkten, ewei eis formidabel Sortiën op Saulxures - sur - Moselotte an den Vogesen oder och nach op Latilly an der Champagne, angaangen ass. Dodernieft huet Hien och der Équipe Merci gesot déi sech am Laaf vum Wanter beméiht hat déi traditionell Bannkuuren vum Fly Fishing Club um Liewen ze erhalen. Andeems déi passionéiert Méckenbënner vun eisem Club den Wonsch geäussert hun dass d´Bannowender an der neier Saison erëm wöchentlech stattfannen sollen, an net all zweet Woch ewei bis elo, méngen mir soën ze kënnen dass d´Bannkuuren och dëst Joër een Erfolleg woren. Een schéinen Dag haten mir och bei der nei am Programm opgeholener „Coupe Patrick Riehl“ erliewen kënnen déi zu Éieren vun eisem verstuerwenen Member unhand vun éngem Frëndschaftsfëschen ausgedroën gin wor, hei ewou sech dëst Joër bei der zweeter Editioun d´Unzuel vun den Fëscher nach éng Kéier no uewen geschrauwt hat. Och eis Rees an Éisterräich op d´Strecken vum Hotel Bräurup wor éng zousätzlech Beräicherung vun eisem Joresprogramm an soll och dëst Joër erëm éng Fortsetzung fannen. Den Präsident ass och ee bëssen op déi nei Saison angaangen, déi no Him vun eisem Sekretäir, dem Erny Arend, an aller Ausféierlechkeet virgestallt gin ass. Bedéngt wor dësen kléngen Intermezzo doduurch dass d´Sortiën op Sommedieue dëst Joër aus eisem Joresprogramm gestrach gin sin ewell den Gérant vum Site eis Konditiounen gesat huet mat deenen mir als Komité, am Sënn vun eisen Fëscher, net konnten anverstaanen sin, wat awer net verhënneren soll dass mir och dëst

Joër erëm een flotten an ofwiesselungsräichenProgramm fir eis Fëscher zesummengestallt hun. Nom Präsident wor et dann ewei schon ernimmt den Erny deen eis nach éng Kéier an aller Ausféierlechkeet den neien Joresprogramm virgestallt huet an déi domader verbonnen Ëmstänn wëssen geloos huet. Als drëtten Riedner wor et un eisem Caissier, dem Gast Graas, deen eis den Bilan vun der Caisse gemeet huet, wat eis déi zwee Kassenrevisoren, den Carlo Mack an den Yvon Ierpeldéng, och nëmmen confirméieren konnten. Natiirlech wor dat awer net esou séier domader gedoën ewell eisen Kassenrevisor den Carlo an sénger Ried natiirlech den Gast ee bëssen gestëppelt huet an mir erëm vill ze laachen haten, jo eisen Carlo ass eben een Gemitsmënsch mat énger humoristecher Oder.

Duerno wor et un der Éierung vun den Gewënner vun eiser Clubmeeschterschaft déi an zwee Duurchgäng, een am Fléissgewässer ob der Uewersauer an een am Stëllgewässer um Lac de Rabais, ausgedroën gin wor. Hei hat den Patrick Bartholmé bei sénger éischter Participatioun déi gudd drëtten Plaz beluecht, als Zweeten wor den Clubmeeschter vum der Editioun am Joër 2013, den Äender Jung, hervir gaangen an dat meeschten Gléck hat dëst Joër den Luss Dilk, hien konnt sech no éngem spannenden Mätsch in extremis duurchsetzen an konnt och deen décksten Fësch fir dës Editioun fänken wat Him och nach een Bong, deen am Fëschergeschäft Toni van der Molen kann angeléisst gin, anbréngen sollt.

Nodeems déi austriedend Komitésmemberen an hirer Fonktioun bestäetegt gin woren an ënner Veschiddenes keen sech zu Wuert gemellt hat, huet dun den Luss säin Film „eis Rees duurch d´Joër 2014“ een Réckbléck op eis Erliewenesser am Laaf vum vergaangenen Joër, gewisen. Dëst wor dann och deen Ament ewou den Club och traditioneller Weis een oder deen anneren Patt zum Beschten gin huet an Form vun Crémant deen den Joé eis zerwéiert huet. Esou huet och dëst Joër éng harmonesch verlaafen Generalversammlung hiren Ofschloss fond an aus deem éngen Patt woren der natiirlech nach ee puer méi gin, mée ëmmer mam Hannergedanken dass mir och Moies erëm hun missen fit sin an mat Zäit opstoën ewell jo um Dag no der Generalversammlung ëmmer eisen Dag vum Präsident um Programm steet. Hei fueren mir Alleguer zesummen op den Lac de Rabais fëschen an loossen eisen Präsident héichliewen, énger Säits ewell mir ganz zefridden mat Him sin an eis keen besseren Präsident kënnen virstellen an awer och ewell Hien den Champes, pain surprise, Kaffi an Toarten zum Beschten gët.